Les Peaux - Rouges
Scouten/Guiden
Diddeleng

B.P. 190 | L-3402 DUDELANGE
www.lespeauxrouges.lu | Téléphone + Téléfax : 52 26 86 | lespeauxrouges@hotmail.com

Diddeléng, den 26. Abrëll 2014

100 JOER
PEAUX - ROUGES
SCOUTEN / GUIDEN DIDDELENG

DEN EDDES GOORIX

Den 19. Mäerz 1912 gouf hien zou Diddeleng gebuer. Als Bouf koum den Eddes mat sengem Brudder René an den 20er Joeren bei eisen Groupe an wor bis zum 2. Weltkrich Rover an aktiven Chef. No den batteren Krichsjoeren huet hien an den 40er an 50er Joeren gehollef den Groupe erëm mat opbauen an héich ze halen, Vun 1947 un bis 1987 wor den Eddes all déi laang Joeren Member vum Comité vun den Peaux-Rouges an Ufanks den 60er Joeren och Member vum Organisatiounscomité vum fofzegsten Gebuertsdag. Während senger ganzer Zéit bei eisem Groupe huet hien ëmmer fest matgeschafft fir den Veräin an der Luet ze halen an wor och direkt 1984 déck begeeschtert wei aus der klenger Flam erëm en schéint Feier gouf an d'Peaux-Rouges erëm an hirer Stad Diddeleng an bei der FNEL Buedem kritt hunn. Geschafft huet den Eddes en Liewen laang als Aarbechter op 3 Schichten op der Diddelenger ARBED. Bestuet wor hien mam Elise BRÜCHER a Papp vum René an vum Jeannine. No kuurzer Krankheet huet den Eddes eis den 20. Dezember 1987 fir ëmmer verlooss.

****